Luxembourg, le 5 septembre 2023

**Circulaire n° 2023-117**

# Circulaire

aux administrations communales

**Objet : Invitatioun op de Lancement vun der Campagne iwwert d'Kompetenzerweiderung vun den "Agents municipaux"**

Madamm Buergermeeschtesch, Här Buergermeeschter,
Léif GemengevertriederInnen,

Et ass mir eng grouss Freed, Iech op den offizielle Lancement vun der Campagne "Gléck gehat – Merci Pechert" z'invitéieren. Dës Campagne soll der Bevëlkerung d'Kompetenzerweiderung vun den "Agents municipaux" méi no bréngen, an och iwwert déi nei administrativ Sanktioune souwéi präventiv Aufgaben opklären. An dëser Campagne spillen 3 Membere vun der ASAM d'Haaptrollen.

Donieft ass dësen Event d'Geleeënheet, fir dass Dir als Membere vun de Schäfferéit Iech nach emol iwwert d'Virdeeler vun der Reform informéiere kënnt, an eventuell mat de BeamtInne vum Ministère ewéi och mat den "Agents municipaux" iwwert d'praktesch Ëmsetzung diskutéiere kënnt.

Dofir invitéiere mir Iech ganz häerzlech:

- Dënschdeg, de 19. September 2023
- um 15.30 Auer
- am Artikuss zu Zolwer, Gemeng Suessem.

D'Gemeng Suessem offréiert en Éierewäin.

Et wier mir eng Freed, Iech deen Dag, zesumme mat Ären AgentInnen, däerfen ze begréissen!

Mellt Iech w.e.g. **bis en Donneschdeg, de 14. September** op communication@mi.etat.lu un.

D'Inneministesch

Taina Bofferding



# GLÉCK GEHAT

**Du bass agelueden!**

## Launch-Event den 19. September

15h30 Auer am Artikuss, Gemeng Suessem